

## **Conférence**

**Männer an der ausserschoulescher Kannerbetreung - Les hommes dans l'éducation non formelle des enfants - Männer in der non-formalen Bildung von Kindern**

**21. Juni 2018 – 9.00 Auer**

**Maison du Savoir**

## **Discours de Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances**

Léiw Responsabel vum Infomann

Léiw Responsabel vum Institut Gender und Diversity Berlin,

Léiw Responsabel vum Praxisbüro vun der Uni Lëtzebuerg,

Léiw MattarbechterInnen aus dem schouleschen an ausserschouleschen Secteur,

Léiw Studenten an Studentinnen vun der Uni Lëtzebuerg,

Dir Dammen an dir Hären,

Fir d'éischt emol och am Numm vun mir an vum Chancengläichheitsministère härzlech Wellkomm op deser Konferenz zu engem Sujet an engem Projet, deen mer immens um Hätz läit.

Den Ofbau vun genderspezifischen Stereotypen an Clicheen an eist Bestriewen eis Chancengläichheitspolitik méi op Jongen an Männer auszeriichten hun eis virun engem Joer dozou bruecht de Projet „Méi

Männer an der ausserschoulescher Kannerbetreung“ an d’Liewen ze ruffen.

An ech sinn immens frou daat mer haut matt dëser Konferenz zu engem virleefegen Ofschloss kommen matt enger Reih kloeren Recommandatiounen fir d’Zukunft. Mir wëllen méi Männer a Jongen fir déi sozial Beruffer begeeschteren, an ech denken daat mer matt desem Projet an matt der Konferenz vun haut de Moien zwee éischt wichteg Schrëtter maachen.

Erlaabt mer daat ech an menger Interventioun e klengen Historique vun desem Projet maachen, well et as wichteg daat mer op d’Urspréng vum Projet zeréckkucken. De Chancengläichheitsministère war bis 2004 de Ministère de la Promotion Féminine, also e Ministère deen de Fokus an der Haaptsaach op d’Förderung vu Fraen geluecht huet. Aus dem Fraenministère ass dunn de Chancengläichheitsministère entstanen, deen dunn progressiv dozou iwwergaangen ass, fir eng Politik emzesetzen am Sënn vum Gender Mainstreaming Konzept d.h. eng Politik déi fir béid Geschlechter – Jongen a Meedercher, Männer a Fraen – déi spézifesch Besoinen identifizéiert fir dorobber hin d’Chancengläichheitspolitik auszeriichten.

Nach ass et esou daat wann traditionnel iwwer Egalitéit zwëschent de Geschlechter geschwaat gett, d’Fraen am Mëttelpunkt stinn. Daat huet och nach emmer seng Berechtegung, well mer op ganz villen Gebidder vill ze wéineg Fraen hun – sief et an der Politik, an der Ekonomie oder um Arbechtsmarché. Oft geet et hei em Stereotypen, Clichéen a Rollenbiller deenen mer engersäits de Fraen, an anerersäits de Männer zouschreiwen. De Mann als Ernährer vun der Famill, de Mann als Carrièresmënsch, an d’Fra déi oftmols doheem ass oder enger halwer Tâche noheet. D’selwecht verhält et sech bei de Berufschoixen, wou Männer nach emmer ganz stark vertraueden sinn an der Fuerschung, an de Féirungsétagen vun groussen Entreprises oder och nach bei verschiddenen Beruffer am Handwierk, an Fraen iwwer méisseg oft an de sozialen oder Santéberuffer.

Et huet sech allerdengs an de läschten Joeren vill gedoen, an déi verschidden Clichéen an Stereotypen ginn progressiv opgebrach. Emmer méi Fraen ginn enger bezuelterer Beschäftegung no, huelen Afloss an der Politik an an der Wirtschaft. Op der anerer Säit huelen emmer méi Männer de Congé parental fir sech doheem bei der Erzéiung vun de Kanner anzubringen. Et ginn mëttlerweil och Familljemodeller wou d’Fra déi ass, déi Vollzäit schafft an Carrière mëcht, an de Mann deen ass, deen

sech – op mannst emol fir eng gewëssen Zäit – den Aufgaben doheem unhëllt.

Allerdengs ass dëst e laangwieregen, an munchmol schwéierfälligen Prozess. Mä duervir brauchen mer esou Initiativen wéi dese Projet, wou et och drems geet fir Stereotypen an Clichéen opzebriechen.

Ech haat et virdrun gesot, daat de Chancengläichheitsministère e Ministère ass deen souwuel Fraen wéi och Männer an de Fokus hëllt. An duervir hun mer an de läschte Joeren niewt der Fraenpolitik och wichteg Akzenter geluecht am Beräich vun der Männerpolitik. D'Grënnung vum INFOMANN am Joer 2012, d'EU-Présidence 2015 wou mer als MEGA de Schwéierpunkt op d'Fro vun der Conciliatioun vu Beruf- a Privatliewen an der Optik vun de Männer geluecht haten, an déi 3. ICMEO-Konferenz iwwert de Stellenwärt vu de Männer an der Chancengläichheitspolitik sinn wichteg a richteg Meilesténg gewiercht fir Männer besser als Acteuren an Bénéficiairen vun Chancengläichheitspolitik wouer ze huelen.

Op der Internationaler Männerkonferenz 2016 haten mer een Workshop iwwert d'Thema „Männer an de sougenannten CARE-Beruffer“ matt engem Akzent op Kannerbetreung, deen op e ganz groussen Intérêt

gestouss war. An der Ofschlosserklärung vun der Konferenz stoungen 3 ganz konkret Recommandatiounen, déi ech wéilt kuerz citéieren:

*« - die zielgruppenspezifische Motivation von Jungen zur Förderung der geschlechtsuntypischen Berufswahl (...), Öffentlichkeitsarbeit zur Verbesserung des Images von Care-Berufen sowie die Förderung gendersensitiver Berufsberatung, Pädagogik und Teamarbeit (institutionelle Organisationsentwicklung).*

*- der transparente Umgang mit der Problematik des Generalverdachts gegenüber Männern in der Care-Arbeit durch das Etablieren professioneller Schutzkonzepte vor sexueller Gewalt.*

*- die Formulierung verbindlicher Aufträge an die Träger von Berufsberatungsstellen und Care-Institutionen, gemischte Teams als Standard zu verankern.»*

De Chancengläichheitsministère huet des Recommandatiounen aus der Ofschlosserklärung zur ICMEO-Konferenz 2016 opgegraff, an ass op déi Responsabel déi dese Workshop geleed haten zougangen, fir de Projet deen mer haut hei an desem flotten Cader vun der Uni Lëtzebuerg diskutéieren, an d'Wéer ze leden. Mam **INFOMANN**, an ganz speziell mam Alexander Kries, souwéi mam **Institut für Gender und Diversity Berlin**, hun mer déi richteg Partneren matt un Bord fir dese Projet

auszuschaffen an emzesetzen. Hinnen gëllt duervir och e ganz groussen  
Merci fir déi geleeschten Arbecht.

Ech sinn och frou iwwert déi gudd Zesummenarbecht mam Praxisbüro  
vun der Uni Lëtzebuerg. D'Uni Lëtzebuerg ass eng vun eisen treisten an  
äifregsten Partnerorganisatiounen. Et ass fir eis immens wichteg, wann  
sech den akademeschen Beräich verstärkt fir Genderthemen  
interesséiert. D'Uni ass e wichtegen Multiplicateur vun eise Projeten an  
eise Messagen. Daat beweist se matt der Coopératioun fir des Konferenz  
an och fir d'Konferenz vum 5. an 6. Juli iwwert d'Thema «Gender a  
Bildung» zu Mondorf am Cader vun der lëtzebuenger Présidence vun der  
Groussrégion, wou net manner wéi 3 Dozenten an Dozentinnen vun der  
Uni Lëtzebuerg matt dobäi wärten sinn fir matt ze diskutéieren. Ech  
invitéieren duervir och jiddfereen, deen de Moien ass, och op Mondorf  
ze kommen.

De Projet vun haut verbënnt e ganze Koup Thematiken, der mer um Härz  
leien:

- Opbriechen vun genderspezifeschen Stereotypen an Clicheen,

- Schoul- an Berufsorientéierung déi lassgeléist ass vun esou stereotypéierten Denkweisen, well nemmen esou jiddfereen seng eegen Potenzialer kann notzen ;
- Ofbau vum Fachkräftemangel ;
- Eng bessert Gläichgewicht zweschent Fraen a Männer an allen Beruffer, an dëst iwwert déi sougenannten Sozialberuffer eraus;
- E bessert Aneneengräifen vun Acteuren am Beräich Schoul- a Beruffsorientéierung...

...sinn nemmen e puer Aspekter, déi mer matt deem Projet wellen beliichten, wann och net an allen Detailler.

Ech wéilt et fir mäin Deel elo dobäi beloossen, well ech hun e vollen Terminkalenner um heitegen Daag an kann leider net bleiwen. Ech sinn ganz gespaant iwwert d'Conclusiounen vum Projet, meng Mattarbechter wärten äifreg mattschaffen an mer Rapport ofléen. Ech well kommenden Entwécklungen net virgräifen, awer ech géif mer wenschen daat dese Projet en Ufank ass an keen Enn. Den Ofbau vun Barrièren déi sech bezéien op d'Taatsaach op ee männlech oder weiblech ass, müssen mer virun driiwen. Den Daag vun haut ass e wichtegen Bäitrag dozou. Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.